# Ouljer Musek a.s.b.l.

## Rapport Generalversammlung vum 14.Januar 2018

Sonndeg de 14.Januar 2018 um 11.00 Auer am Festsall zu Ouljen.

## Dagesuerdnung:

-

**1. Begréissung vum President**

De President Raymond Lepasch begréisst déi +/- 70 Leit déi sech op der ordinärer Generalversammlung afonnt hunn, de Schäffen Reinhold Dahlem an d'Gemengeconseilleren Marc Bosseler a Jim Meisch souwéi och de Gilbert Girsch, Vizepresident vun der UGDA.

**2. Aktivitéitsrapport vun 2017**

De Sekretär Paul Kieffer mécht e Rapport vun den Aktivitéite vum ganze Joer 2017.

**3. Keeserapport**

Den Tresorier Pierre Paulus presentéiert de Bilan vun 2017, den en Defizit vun 7.887,98.-€ opweist.

**4. Rapport vun de Keeserevisoren**

D'Keeserevisoren Michèle Biel a Luc Girst déi net konnten un der Generalversammlung deelhuelen hunn dem President eng schrëftlech Decharge iwwerreecht, a bieden d'Versammlung de Keessier an de Comité ze entlaaschten.

**5. Entlaaschtung vum Comité duerch d'Generalversammlung**

D'Generalversammlung gëtt dem Comité an dem Keessier Entlaaschtung..

**6. Wiel vun de Keesserevisoren**

D'Michèle Biel an de Luc Girst hate sech am Virfeld bereet erklärt d'Amt vum Keesserevisor e weidert Joer auszeüben.

**7. Budget a Programm 2018**

De Pierre Paulus presentéiert de previsionnele Budget fir 2018.

De Programm 2018 gëtt a Form vun engem Flyer un d'Invitéeën verdeelt, a kuerz vum Sekretär presentéiert.

**8. D'Wuert vum Dirigent**

Den Dirigent Marc Garson bedankt sech bei de Musikanten fir déi gutt Zesummenaarbecht iwwert dat ganzt Joer, an zitt eng positiv Bilanz vun deene 4 Joer déi hien elo Dirigent bei eisem Veräin ass. Hie mech en Opruff un d'Musikanten fir den duerchschnëttleche Prouwebesuch den 2017 bei 19 luch eventuell nach e besschen erop ze schrauwen. Hie betount d'Wichtegkeet vum Jugendstage, deen och 2018 erëm zu Remerschen ofgehale g!ett, an un deem 5 Jugendlecher vun der Ouljer Musek deelhuelen. Et wier hei eng gutt Geleeënheet Erfarung ze sammelen an och ze léieren sech an e Veräin ze integréieren.

**9. Ophuele vun neie Memberen**

Keng Demissioun an och keng Demande fir nei an de Comité opgeholl ze ginn.
D'Zuel vun de Comitésmemberen bleift bei 14.

**10. D'Wuert vun der Gemeng**

De Schäffen Reinhold Dahlem bedankt sech bei der Ouler Musek fir déi vill Aktivitéiten mat deenen d'Ouljer Musek zur kultureller Villfalt vum Gemengeliewen bäidréit, an och déi gutt Zesummenaarbecht mat der Menster Musek. Hien lueft och d'Jugendaarbecht vum Veräin, en Thema dat him ganz besonnesch um Häerz läit.

**11. Festleeën vum Membersbeitrag fir 2017.**

De Virschlag vum Comité fir de Beitrag vun der Memberskaart 2018 op 15,.€ ze beloossen gëtt eestëmmeg vun der Versammlung ugeholl.

**12. Usproch vum UGDA Vertrieder an Iwwerreechen vun Medaillen a Kaddoen**

Den Vizepresident vun der UGDA Gilbert Girsch bedankt sech fir d'Invitatioun op d'Generalversammlung vun der Ouljer Musek, a felicitéiert de Veräin fir seng villfälteg Aktivitéiten. Zesumme mam Schäffen Reinhold Dahlem an dem President Raymond Lepasch iwwerreecht hien folgend Auszeechnungen:

**UGDA**

Braun Robin - insigne 5 ans
Dahm Caroline - insigne 5ans
Dahm Elena - insigne 5 ans
Kieffer David - insigne 5ans
Weiland Selwyn - insigne 5 ans
Schmit Marco - médaille de mérite en bronze 10 ans
Braun Jessie - médaille de mérite en vermail 30 ans
Girst Luc - médaille de mérite en vermail avec palmette - 40 ans

**OULJER MUSEK**

Schmit Marco - 10 ans ( Bong fir eng Auer am Wärt vun 350.-€ )
Lepasch Raymond - 35 ans (Bong am Wärt vun 500.-€ )
Jo Steffes - 35 ans (Bong am Wärt vun 500.-€ )

De President Raymond Lepasch verdeelt e Kaddo a Form vun enger Fläsch Cremant u folgend Membere mam meeschte Prouwebesuch :

1. Steve Elcheroth, 41 Prouwen = 97,6%
2. Sandra Weyer, 39 Prouwen = 92,8%
3. Paul Kieffer 39 Prouwen = 92,8%

**13. Verschiddenes a fräi Aussproch**

Keng Bemierkungen

**14. Spendenaktioun.**

De President Raymond Lepasch iwwerreecht dem Paschtouer Guy Diederich, stellvertriedend fir de Parverband Musel a Syr, den Erléis vun der Kollekt vum Chrëschtconcert 2017 . De Comité vun der Ouljer Musek hat sech am Virfeld drop gëeenegt den Erléis vun 1.000 € op 1.300 € opzestocken. Den Erléis geet un d'Hëllefsaktioun vum Parverband Musel a Syr an Zesummenaarbecht mat partage.lu: „Hëllef fir Jugendlecher zu Ségou am Mali".

**15. Schlusswuert**

De President Raymond Lepasch bedankt sech béi de Leit déi present sinn an erkläert d'Generalversammlung fir opgehuewen.

P.K. 16/01/2018